Gemeng Noumer

**Avis – Règlement de la circulation**

Léif Awunnerinnen an Awunner vun der Noumer Gemeng,

Am Kader vum groussen Télévie-Dag, dëse Samschdeg 20. Abrëll 2024 am Zentrum vun Noumer, wëlle mer Iech iwwer d'Reglementatioun vum Verkéier informéieren. Am Sënn vun der allgemenger Sécherheet biéde mer Iech, Iech un d'Virschrëften ze halen a sougenannte Schläichweeër ze vermeiden.

Den Zentrum vun Noumer, d'Rue Principale virun der Schoul an der Gemeng, ass ab e Freideg, 19. Abrëll um 8:30 fir de Verkéier gespaart, just d'Schoulbusser däerfen duerch. An den Deel vun der Rue Neuve bis bei d'Rue du Knapp kënnt ee Samschdes selwer just als Awunner vun deene Stroossen, oder mat enger Erlaabnis fir duerchzefueren, déi fir d'Télévie-Partner reservéiert ass. Fir op Noumer ze kommen an de gespaarten Zentrum ze ëmfueren, fiert een entweder an der Fiels um CR118 viru bis op de lieu-dit 'Gudelt' an iwwer den CR346 Richtung Noumer, oder um CR119 virun Richtung Schrondweiler, a vun do iwwer den CR346 op Noumer.

D'Busarrêten « Aechelbur », « Griechten » a « Bei der Kierch » gi vun der Buslinn 232 vun e Freidegmueren um 8.30 Auer bis e Sonndeg den Owend um 20.00 Auer net ugefuer. D'Schoullinn K18 ass heivun net betraff.

Et ass ab en Donneschdeg, 18. Abrëll verbueden, um Parking bei der Schoul a vis-vis-vum Parking op de Plaze beim faarwege Container, souwéi op der Parksträif laanscht d'Schoul an d'Gemeng ze parken. Ab Freides, den 19. Abrëll sinn och d'Parkplaze bei der Gemeng a vis-à-vis um Haff gespaart.

Samschdes, den 20. Abrëll gëllt vun Aechelbur erof op Noumer e Sens-unique, deen duerch den Ale Wee a virun duerch den Dickerwee oder de Feldwee Richtung lieu-dit « Baakes » erëm op den CR119 eraus féiert. Velosfuerer·inn·en dierfen am Dickerwee, um Feldwee aus Richtung vum lieu-dit « Baakes » erof an am Ale Wee och entgéint dem Sens unique fueren, an et wäerte selbstverständlech och Foussgänger·inn·en do ënnerwee sinn. D'Vitesse ass op der ganzer Streck vum Sens-unique op 30 km/h limitéiert.

Samschdes gëtt et d'Méiglechkeet, um Haff Petry (2, Rue Principale zu Noumer) ze parken, souwéi op der Parksträif beim Fussballsterrain oder op den ausgewisene Parkplazen am Ale Wee. Verbueden ass et, op deenen 2 Säite vun der Rue Principale zu Noumer bis op d'Kräizung mam CR346 Richtung Schrondweiler (mat Ausnam vun de Parksträifen) ze parken, an op deenen 2 Säite vun der Rue Nommerlayen ass et och verbueden ze parken. Vun Aechelbur erof op Noumer ass et verbueden, op der rietser Säit ze parken (mat Ausnahm vun de Parksträifen), an dëst bis op d'Kräizung mat der Millebaach. D'Leit vu Kruuchten a vu Schrondweiler sinn invitéiert, vun der Busnavette ze profitéieren, zu deeër Dir d'Detailer an der Télévie-Brochür fannt, déi dëser Deeg un all Stot verdeelt ginn ass.

Merci fir Äert Versteesdemech.

De Schäfferot